LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3550 vum honorabelen Deputéierte Ricardo Marques**

1. **No bal 8 Joer misst den Dispositif evaluéiert ginn. Wéi bewerten sech d'Centres socio-thérapeutiques säit hirer Aféierung? Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt bis e Kand Hëllef an engem CST kritt? A wéi laang dauert am Duerchschnëtt d'Prise en charge vun engem Kand bis en nees an de reguläre Schoulsystem ka reintegréiert ginn?**

Zanter der Aféierung vum Dispositif CST am Joer 2018, ass d'Offer ëmmer méi ausgebaut ginn, fir der Demande gerecht ze ginn. Aktuell sinn zéng CSTen operationell a bidde Kanner mat ausgepräägte sozio-emotionale Verhalensschwieregkeeten, deenen hir Besoinen am reguläre Schoulsystem net méi kënnen erfëllt ginn, e strukturéierte Kader, eng intensiv pedagogesch an therapeutesch Betreiung an eng alternativ Beschoulung.

An deene leschten aacht Joer hunn insgesamt 140 Kanner vum Dispositif CST profitéiert, dorënner 60 Kanner, fir déi d'Prise en charge nach amgaang ass, an 80 Kanner, fir déi d'Prise en charge ofgeschloss ass.

D'Zäit tëscht der dokumentéierter Propositioun vum CST duerch d'CNI an der Admissioun an de CST läit am Duerchschnëtt bei 71 Deeg. D'Duerchschnëttsdauer vum Openthalt an engem CST ass 828 Deeg.

Et ass wichteg ze preziséieren, datt dës Dauer och d'Reintegratiounsphas mat ofdeckt a net nëmmen déi intensiv Phas am CST, also och déi progressiv Virbereedung fir zeréck an eng regulär oder eng aner spezialiséiert Beschoulung.

De MENJE huet Enn 2025 eng Evaluatioun un en externt Institut an Optrag ginn, fir en éischte Bilan vum Dispositif ze zéien.

2. **Am Secondaire soll den Dispositif vun den CST och erweidert ginn. Wou sinn déi CST, déi fir de Secondaire virgesinn waren, drun? Wéi ass den konkrete Zäitplang vun der Regierung, fir d'Méiglechkeet vun enger Prise en charge och fir Kanner am Enseignement secondaire ëmzesetzen?**

Den Dispositif vun de CSTe gëtt den Ament fir Schüler mat ausgepräägte sozio-emotionale Verhalensschwieregkeeten aus dem Enseignement secondaire ausgebaut, fir och dësen eng zousätzlech Moossnam kënnen ze proposéieren, déi hire spezifesche Besoine gerecht gëtt a fir si eng alternativ Beschoulung duerstellt. Zil ass et, deene Jonken an enger akuter schoulescher Noutsituatioun e strukturéierte Kader an eng intensiv pedagogesch an therapeutesch Betreiung ze bidden.

Et ass virgesinn, datt deen éischten Centre fir Lycéesschüler am Schouljoer 2026/2027 opgeet.

**3. Wat ass de geneeën Zweck a Mandat vun enger "Classe de transition" (Zilgrupp, Opnamkrittären, Dauer vum Openthalt, Betreiungskonzept, Personalressourcen, Rôle vun der CI/CNI)? Steet dës Klass ënner dem Regimm vun der Commission d'inclusion?**

D'Zil vun der Classe de transition an der Stad Lëtzebuerg besteet doran, Schüler, déi am reguläre schoulesche Kader op temporär Schwieregkeete stoussen, fir eng begrenzten Zäit an engem adaptéierte pedagogesche Kader opzefänken. D'Zilgrupp si Kanner, bei deenen eng kuerz- bis mëttelfristeg, intensiv Begleedung als sënnvoll ugesi gëtt, fir hir weider schoulesch Orientéierung ze klären.

D'Opnam an d'Classe de transition geschitt aktuell nach am Kader vun de Moossnamen, déi eng Commission d'inclusion (CI) proposéiere kann. Dozou gehéiert d'Méiglechkeet, datt e Schüler fir eng temporär Dauer an enger anerer Klass beschoult gëtt[i]. Am Virfeld mécht d'CI an dësem Zesummenhang eng éischt Observatioun fir festzestellen, wéi eng Prise en charge dem betraffene Schüler am beschte gerecht gëtt. D'CI ass domat aktiv an de Prozess agebonnen an elaboréiert déi entspriechend Propositiounen.

Zanter der Rentrée 2025/2026 bitt de Centre pour le développement socio-émotionnel (CDSE), änlech wéi aner Kompetenzzentren, awer och regional Kohabitatiounsklassen un. Dëst am Aklang mam Regierungsprogramm, dee virgesäit, de Reseau vun de regionalen Antenne vun de Kompetenzzentren auszebauen, fir datt all Schüler onofhängeg vu sengem Wunnuert vun där nationaler Offer profitéiere kann.

An deem Kontext kéint d'Classe de transition an Zukunft och als Klass vum CDSE fonctionéieren, an esou den Dispositif fir d'Prise en charge vu Schüler mat spezifesche Besoinen integréieren. Dës Klasse si bewosst a reguläre Grondschoulen implantéiert a sinn domat no beim Wunnuert vun de Schüler a kënnen esou eng méi no Begleedung ze garantéieren.

D'Classes de cohabitation entspriechen enger spezialiséierter Beschoulung duerch e Kompetenzzentrum, wéi se am Gesetz iwwert d'schoulesch Inklusioun vun 2018 virgesinn ass. D'Admissioun an esou eng Klass gëtt vun der nationaler Inklusiounskommissioun (CNI) den Elteren proposéiert. De Modell vun de Kohabitatiounsklasse wäert an de kommende Jore weider ausgebaut a gestäerkt ginn, an esou zu enger qualitativ héichwäerteger a regional accessibeler Offer am Sënn vun enger inklusiver Beschoulung bäidroen.

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

---

[i] *Art. 29*bis *vun der loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental*